ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 5954
Reçue le 17.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.03.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mäerz 2022

Här President,


esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Viru Kuerzem huet e Member vun der Regierung virun Deuxièmes- a Premièresschüler am Lycée Josy Barthel Mamer ee Virtrag iwwer déi "ganz aktuell Themen Energieversuergung a Landesplanung" (sou de Wuertlaut op der Invitatioun) gehalen. Dëse Virtrag war Bestanddeel vum neie Projet d'Etablissement, zu deem ënnert anerem d'Nohaltegkeet gehéiert.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1) Kann den Här Schoulminister matdeelen, wéi eng Membere vun der Regierung, an der Zäitperiod vun 2018 bis haut, zu wéi engem Zäitpunkt an zu wéi engem politesche Sujet an enger Schoul vum Enseignement public ee Virtrag gehalen hunn oder ob soss eng Manéier intervenéiert sinn? (Net consideréiert sinn Aweiunge vu Gebaier oder reng administrativ Visitte vum Här Schoulminister ouni politesch Ried).
2) Geet d'Regierung dervun aus, datt et akzeptabel ass, datt eng ëffentlech Schoul, déi jo soll politesch neutral sinn a Meenungspluralismus wéi och kritescht Denke férderen, eng eesäiteg Meenung promouvéiert, wa just e Member vun der Regierung invitéiert gëtt fir iwwer ee bestëmmte politesche Sujet ze schwätzen? Gesäit d'Regierung do net d'Gefor vun engem "abus de pouvoir" vun de Regierungsmembere mam Zil, déi jonk Leit politesch ze beaflossen?
3) Wier et bei esou Virträg net ubruecht, datt op d'mannst eng weider Persoun mat enger anerer politescher Meenung ageluede géif ginn, entweder gläichzäiteg oder kuerz duerno, fir de Meenungspluralismus an de Schoule sécherzestellen?

Mat beschte Gréiss,



Fred Keup, Deputéierten

Fred Keup, Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5954 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Folgend Regierungsmembere si vun 2018 bis haut an enger ëffentlecher Schoul interveneéiert:

| ***Lycée*** | ***Joer*** | ***Member vun der Regierung*** | ***Sujet vum Virtrag oder der Interventioun*** |
|---|---|---|---|
| ALR | 2021 | M. Turmes | Visite vum Projet INTERREG "Smart Energy 4.0" |
| EHTL | 2021 | M. Delles | Virtrag an Diskussioun "Le tourisme au Luxembourg" |
| | 2022 | M. Delles | Virtrag an Diskussioun "Le tourisme au Luxembourg" |
| LAM | 2020 | MM. Bettel a Meisch | Visite fir d'Rentrée scolaire 2020-2021 |
| LCD | 2019 | Mme Dieschbourg | Plastik-Gebrauch, Offall a Zero Waste |
| | 2019 | M. Turmes | Diskussioun iwwert d'Energiepolitik |
| LGE | 2021 | Mme Bofferding | Gläichberechtegung |
| LJBM | 2022 | M. Turmes | Landesplanung an Energieversuergung |
| LN | 2019 | MM. Schneider a Hansen | Inauguratioun vun der Ausstellung zum 75. Joresdag vun der Ardennenoffensiv |
| LNB | 2018 | M. Bettel | Entrevue mat Schüler, déi un engem Zeechéconcours deelgeholl hu vun der Spuerkeess |
| | 2019 | Mme Dieschbourg, MM. Meisch a Schneider | Diskussioun no der éischter Manifestatioun "Fridays for Future" |
| LRSL | 2018 | M. Bettel | Fête de l'Europe 2018 |
| LTL | 2020 | M. Turmes | Aweiung vun der Ausstellung "Climate Expo 2020", ee Schülerprojet vum Lycée technique de Lallange (LTL) |
| LTPES | 2021 | Mme Tanson | Filmpremière vun der Verfilmung vum Buch *Jill ist anders* mat uschléissender Table ronde zum Thema "Intersex? Variationen der Geschlechtsmerkmale?" |

Net abegraff sinn an dëser Opstellung d'Interventioune vu Membere vun der Regierung bei Geleeënheet vun der Aweiung vu Gebaier, vu Séances académiques oder vun Diplomiwwerreechungen. Och déi reng administrativ Visitten, déi ech als Educatiounsminister an de Schoulen ënnerhuelen, sinn hei net opgezielt.

**Ad 2) an 3)**

Ech deelen dem honorabelen Deputéierte seng Opfaassung, datt déi ëffentlech Schoul politesch neutral muss sinn, an doriwwer eraus de Meenungspluralismus an dat kritescht Denke soll fërderen; esou hunn ech dat a menger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5742 och duergeluecht.

Opgrond vun der ganz gerénger Zuel vun Interventioune vu Membere vun der Regierung gesinn ech keng Gefor vun engem "abus de pouvoir" mam Zil, déi jonk Leit politesch ze beaflossen. Ech hunn ëmmer erëm betount – esou wéi den honorabelen Deputéierte dat och suggeréiert – datt een d'Interventioune vu politesche Perséinlechkeeten an de Schoulen an hirem Ensembel muss betruechten: politesch Neutralitéit a Meenungspluralismus ergëtt sech aus der Zomm vu sämtlechen Interventiounen.

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH